



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister an vum Här Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8196 vum 31. Juli 2023 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.

Ad 1)

D'Defense hat am Joer 2022 ee Kontrakt mat Kleos Space fir e Montant vun 1.053.000 Euro (TTC) ofgeschloss a realiséiert. Déi gesammelt Donnéeë sinn der NATO zur Verfügung gestallt ginn am Kader vun der Entwécklung vum „Allied Persistent Surveillance from Space“ Projet.

Ad 2)

A reegelméisseg Reuniounen déi d'LSA an de Wirtschaftsministère mat Kleos Space hunn, gëtt och generell iwwert d'Entwécklung vun der Clientèle vum Betrib geschwat, an et ass eng öffentlech Informatioun dass Kleos Space Servicer am Beräich Renseignement an Defense ubitt. Informatiounen zu de genauen Identitéite vun de Clienten ënnerleien dem Geschäftsgeheimnis.

Den SRE war an ass net Client vu Kleos Space.

Ad 3)

Aktuell féiert d'Firma Kleos Space Gespréicher mat méigleche Repreneuren an Investisseuren, et ass keng Prozedur fir eng eventuell Faillite opgemaach ginn. Déi vum Staat ausgestallten Autorisatioune kenne gegebenfalls un e Repreneur vun den Aktivitéite weidergereecht ginn oder zeréck gezu ginn.

Ad 4)

Zu der Zukunft vun de Raimlechkeete, déi Kleos Space um private Marché lount an déi net zum Space Campus gehéieren, kann d'Regierung keng Aussoe maachen.

Lëtzebuerg, den 29.September 2023.

De Premierminister an Staatsminister

(s.) Xavier Bettel